N° 53 | DEZEMBER 2019

# Fëschber Gemengeblat



# Impressum

**Fëschber Gemengeblat**
Editioun Dezember 2019

**Redaktiounsteam**
Sven BETTENDORF
Marianne BROSIUS
Marie-Louise HAAS
Dany HERMES
Marc KOLBER
Roland MINY
Delphine NOTARNICOLA
Lis WEBER
Frank WEYRICH

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Elterevereenegung
Fairtradegrupp
Schäfferot Gemeng Fëschbech
Chantal CONRAD
Daniel HOTTUA
Claude MALGET
Olivier MOLITOR
Viviane THILL

**Layout**
Delphine NOTARNICOLA

**Cover**
Serge HOFFMANN

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Imprimerie de l'Est
2, rue Pierre Richardot (Z.I.)
L-6468 Echternach
www.imprimeriedelest.lu

*Wann Dir Loscht hutt fir beim Blat heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënnt Dir Iech bei eis mellen* ***gemengeblat@acfischbach.lu***

*Redaktiounsschluss fir d'Fëschber Gemengeblat 54/2020 ass den 10/04/2019.*

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Nummer an iergendwellecher Form matgeschafft huet.***

**GEMENG**

| | |
|---|---|
| Gemengerotssëtzungen | 5 |
| Matdeelungen | |
| Virstellung vum Waasserréseau | 8 |
| Fotoconcours | 10 |
| Avis de fin d'année | 12 |
| Travail pour etudiants | 13 |
| Programme des cours hiver 2020 | 14 |
| Audition d'élèves | 16 |
| Diplomiwwerreechung 1. Hëllefcours | 16 |
| Klimapakt | 18 |
| Neien Hausmeeschter an der Sportshal | 20 |
| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng | |
| Nationalen Dag vum Bam zu Beefort | 21 |
| Billerausstellung „Naturmolerei" | 22 |
| Mäi Wëllen - Mäi Wee | 24 |
| Journée de la commémoration | 24 |
| Zesumme kachen | 25 |
| Adventsfënster | 26 |
| Wanterimpressiounen | 30 |

**ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG**

| | |
|---|---|
| Aktivitéiten an der Schoul | 32 |
| Schouljoer 2019-2020 | 36 |
| Elterevertriederwalen | 41 |
| Ho, ho, ho! De Klesschen ass do ... | 43 |
| Aktivitéiten an der Maison Relais | 44 |

**WAT WAR LASS ?**

| | |
|---|---|
| Léiffrawëschdag | 46 |
| Journée du Grand Âge | 47 |
| Hämmelsmarsch an eiser Gemeng | 48 |
| Kiermes Haam | 49 |
| Schluechtfest | 50 |
| Fairtradekaffi | 51 |

**GUTT ZE WËSSEN**

| | |
|---|---|
| D'Stäresängeraktioun | 52 |
| D'Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous | 53 |

**REPORTAGE**

| | |
|---|---|
| Bodensee | 54 |

**AGENDA**

| | |
|---|---|
| Aktivitéitskalenner 2020 | 56 |

# Virwuert



Léif Matbiergerinnen a Matbierger
aus der Fëschber Gemeng,

et ass mir eng grouss Éier a Freed Iech op dësem Wee matzedeelen dass S.A.R. den Ierfgroussherzog Guillaume an d'Ierfgroussherzogin Stéphanie zu Fëschbech um Schlass, an eiser Mëtt, hiren neie Wunnsëtz hunn. D'Freed ass ëmsou méi grouss zanter bekannt gouf, dass d'Ierfgroussherzoglech Koppel net eleng op Fëschbech geplënnert ass.

Am Numm vun Iech all huet de Schäfferot d'Ierfgroussherzoglech Koppel den 10. Dezember op der Gemeng empfaangen a Sie häerzlech wëllkomm geheescht.

D'Geschicht verbënnt d'Groussherzoglech Famill an d'Gemeng Fëschbech schonn zanter ville Joerzéngten an d'Relatioun gouf ëmmer gutt gefleegt a wor frëndschaftlech. Genau esou wëlle mir och viru fueren a freeën eis duerfir op eng gutt Noperschaft an e flott Zesummeliewen.

*„Monseigneur, Madamm,*
*mir freeën eis vu ganzem Häerze mat Iech*
*an heeschen Iech häerzlech wëllkomm an der*
*Gemeng Fëschbech."*

Bei ville vun eisen Awunnerinnen an Awunner kommen elo sécherlech Erënnerungen op un déi wonnerbar Joyeuse Entrée vum 14. Juni 2002 mam Grand-Duc Jean an der Grande-Duchesse Josephine Charlotte. Och dorunner géife mir gären uknäppen, eng grouss Feierlechkeet mat der Populatioun ass ugeduecht. Een Datum steet awer nach net fest.

2019 geet dem Enn zou, d'Feierdeeg sti virun der Dier. Grad wéi 2018 gouf och dëst Joer erëm vill an eiser Gemeng geschafft. Fir Iech e klengen Iwwerbléck iwwert een Deel vun den Aarbechten ze ginn déi ëmgesat goufe, fann Dir hannert dësem Virwuert Fotoe mat e puer Beispiller.

Ab dem 1. Januar 2020 trëtt een neie Mataarbechter, de Christophe Gilles vu Schous, säin Déngscht am Service de régie vun der Gemeng Fëschbech un. De Christophe verstäerkt eis Équipe um Terrain an ech wënschen him op dësem Wee alles Guddes a vill Satisfaktioun a sengem neie Job.

Aus organisatoresche Grënn huet de Schäfferot décidéiert d'Spriechstonn fir d'Bierger, déi bis elo all éischte Mëttwoch am Mount vun 16.00 – 18.00h war, op all éischten Donneschdeg am Mount op déi selwecht Auerzäit ze verréckelen.

Et sief drun erënnert dass d'Spriechstonn vun all eise Biergerinnen a Bierger, ouni Rendez-vous, ka genotzt gi fir eng Doléance virzebréngen oder Froen un de Schäfferot ze stellen.

Zum Schluss wëll ech nach e Merci ausschwätzen un all déi Leit an eiser Gemeng déi duerfir suergen dass eis Gemeng lieft, wibbelt a liewenswäert ass. Ech mengen domat kee speziell, mee all eis Veräiner a Veräinsleit déi mat vill Asaatz iwwert d'Joer Fester organiséieren, all d'Kommissiounen an d'Kommissiounsmemberen déi sech an hire Beräicher staark maachen an de Leit Informatioun a Participatioun ubidden, all eisem Léierpersonal an eisem Begleedpersonal aus de Betreiungsstrukturen, déi ganz oft méi maache wéi se eigentlech misste an net zulescht all de Kanner a Leit, déi bei all deenen Eventer a Manifestatiounen dobäi sinn an den Asaatz honoréieren.

Eis Gemeng ass e gutt Beispill duerfir dass och an enger klenger Gemeng vill beweegt ka ginn an ech wënsche mir dass dat esou bleift, fuert w.e.g. virun esou.

Iech all, léif Matbiergerinnen a Matbierger, wënschen ech schéin a besënnlech Feierdeeg grad esou wéi ee gudde Rutsch an e gesond a glécklecht neit Joer 2020.

Mat beschte Gréiss,

*Fränk Daems*
*Buergermeeschter*


Sécurisatioun vun Foussgängersträifen zu Schous an Angelsbierg


Réaménagement vun der Haaptstrooss (Fuusselach) zu Schous


Renovatioun vum Haus 4, rue de Schoos


Neien Auto fir den administrativen Service


Verbesserung vum Parking bei der Schoul an der Maison Relais

# Projeen 2019


Sonnesegel bei der Maison Relais an der Crèche




Néi Spillplatz op der Héicht


Terrain Multisports bei der Schoul


Neie Waasserspender bei der Schoul


Nei Kitchenette an der Schoul







# Compte rendu

## Séance publique du conseil communal du 16 septembre 2019

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, MOURA Daniel, OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude – conseillers;

Absents excusés: BROSIUS Paul – conseiller

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prise à l'unanimité.

1. **Approbation de déclarations de recettes**
   Le conseil communal approuve les titres de recettes portant sur un montant de 998.340,73 €.

2. **Modifications du budget ordinaire 2019**
   Le conseil communal décide de modifier plusieurs articles du budget ordinaire 2019 avec une balance totale de -13.580,00 € à imputer sur le boni prévisionnel de l'exercice.

3. **Fixation de l'impôt commercial 2020**
   Le conseil communal décide de reconduire pour l'année 2020 le taux de 300%.

4. **Fixation de l'impôt foncier 2020**
   Le conseil communal décide de reconduire pour l'année 2020 les mêmes taux de l'impôt foncier:

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl.

1. **Einnamen**
   De Gemengerot genehmegt Einnamen iwwert 998.340,73 €.

2. **Upassungen vum gewéinlechen Budget 2019**
   De Gemengerot entscheet eng Rei Upassungen vum gewéinlechen Budget 2019, mat engem Gesamtresultat vun -13.580,00 € zu Laaschten vum viraussiichtlechen Boni vum Exercice.

3. **Festleeën vun der Gewerbesteier 2020**
   De Gemengerot entscheet fir 2020 den Taux vun 300% fir Gewerbesteier beizebehalen.

4. **Festleeën vun der Grondsteier 2020**
   De Gemengerot entscheet fir 2020 déi selwecht Tauxen fir Grondstéier weiderzeféieren:

| | | |
|---|---|---|
| A | Exploitations agricoles et forestières / Baueren- a Bëschbetriber | 320 % |
| B1 | Constructions industrielles et commerciales / Industriel a kommerziel Konstruktiounen | 450 % |
| B2 | Constructions à usage mixte / Konstruktiounen mat gemëschtem Gebrauch | 450 % |
| B3 | Constructions à autres usages / Aner Konstruktiounen | 450 % |
| B4 | Maisons unifamiliales, maisons de rapport / Eefamilljenheiser, Ertragsheiser | 165 % |
| B5 | Immeubles non-bâtis autres que les terrains à bâtir à des fins d'habitation / Net bebaute Flächen, ausser zu Wunnzwecker bebaubar Grondstécker | 500 % |
| B6 | Terrains à bâtir à des fins d'habitation / zu Wunnzwecker bebaubar Grondstécker | 600 % |

5. **Décision concernant l'acquisition d'un droit d'admission prioritaire pour la Maison de Séjour et de Soins «Beim Goldknapp»**
Considérant qu'il importe de faire bénéficier la population locale de la Maison de Séjour et de Soins «Beim Goldknapp» à Erpeldange-sur-Sûre qui garantira aux personnes atteintes de démence, ainsi qu'à leurs proches, un encadrement spécialisé et efficient, le conseil communal déclare son intérêt en vue d'acquérir le droit d'admission prioritaire pour deux lits. Coûts prévisionnels: 90.000 € par lit.

5. **Virrangsrecht beim Ophuelen an d'Alters- an Fleegeheem „Beim Goldknapp"**
Wëll et dem Gemengerot wichteg ass, dass d'Awunner aus der Gemeng an hir Familljemembere vum Alters- a Fleegeheem „Beim Goldknapp" ze Ierpeldeng, spezialiséiert an der Betreiung vun Demenzkranken, kënne profitéieren, dréckt de Gemengerot säin Interessi aus, fir en Virrangsrecht op zwee Better unzeschafen. Viraussiichtlech Käschten: 90.000 € pro Bett.

# Séance publique du conseil communal du 28 novembre 2019

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre;
GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins;
BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude – conseillers;

6

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prise à l'unanimité.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl.

1. **Approbation de déclarations de recettes**
Le conseil communal approuve les titres de recettes portant sur un montant de 1.040.514,15 €.

1. **Einnamen**
De Gemengerot genehmegt Einnamen iwwert 1.040.514,15 €.

2. **Approbation de plusieurs décomptes**
Le conseil communal approuve les décomptes suivants:

2. **Unhuelen vun verschiddenen Décompten**
De Gemengerot hellt folgend Décompten un:

| Projet | Dépense effective<br>Tatsächlech Ausgaben |
|---|---|
| Réalisation d'une PV (30kW) sur la toiture de l'école centrale à Angelsberg<br>Photolotaïksanlag (30kW) um Daach vun der Angsber Schoul | 52.190,19 € |
| Divers travaux dans la chapelle à Schoos<br>Verschidden Aarbechten un der Kapell zu Schous | 38.363,55 € |
| Renouvellement de la façade 4, rue de Schoos<br>Erneirung vun der Fassad 4, rue de Schoos | 48.867,48 € |
| Acquisition d'une voiture de service<br>Uschafen vun engem Dingschtauto | 19.982,53 € |
| Crèche: Installation d'une protection contre le soleil<br>Crèche: Installatioun vun engem Sonneschutz | 17.850,71 € |
| Remise en état du parking près de l'école<br>An d'Réi setzen vum Parking bei der Schoul | 58.962,02 € |



3. **Approbation d'un règlement communal de gestion des déchets**
Le conseil communal approuve le règlement communal relatif à la gestion des déchets ménagers, encombrants et y assimilés tel qu'il fut proposé par le Comité du Syndicat intercommunal SIDEC. Ledit règlement entrera en vigueur au plus tard le 1er juillet 2020.

4. **Approbation d'un règlement-taxe relatif à la gestion des déchets**
Le conseil communal approuve le règlement-taxe relatif à la gestion des déchets ménagers, encombrants et y assimilés tel qu'il fut proposé par le Comité du Syndicat intercommunal SIDEC. Ledit règlement entrera en vigueur le 1er juillet 2020.

5. **Abrogation du règlement-taxe relatif à la vente de poubelles**
Le conseil communal décide d'abroger le règlement-taxe du 16 février 2006 relatif à la vente de poubelles avec effet au 1er janvier 2020.

6. **Modification des statuts du Syndicat pour l'aménagement et la gestion du Parc Naturel «Mëllerdall»**
Le conseil communal approuve la modification des statuts du «Naturpark Mëllerdall»

7. **Affaires du personnel**
Le conseil communal décide d'approuver les contrats de travail à durée indéterminée de
- Madame Laëtitia Dieterlen-Vanhamme et Madame Tessy Erpelding dans le cadre de l'accompagnement dans le bus scolaire ;
- Monsieur Christophe Gilles pour les besoins du service de régie communal.

Le conseil communal décide d'approuver le contrat de travail à durée déterminée de Madame Sandra Vaessen-Isekin dans le cadre de l'accompagnement dans le bus scolaire.

Le conseil communal décide de soumettre le contrat de travail de Madame Miquelina Dos Santos aux conditions du contrat collectif des ouvriers de l'Etat.

8. **Approbation du contrat de location appartement A, rue de Schoos n°4 à Angelsberg**
Le conseil communal approuve le contrat de bail signé en date du 24 octobre 2019 ayant pour objet la location de la maison sise à Angelsberg, rue de Schoos n°4.

3. **Unhuelen vun engem Gemengereglement betreffend d'Offallverwertung**
De Gemengerot hellt d'Gemengereglement betreffend d'Offallverwertung vun dem Haushaltsoffall, dem Sperrmüll an anerem Offall un, esou wéi et vum Comité vum Gemengesyndikat SIDEC proposéiert gouf. D'Reglement trëtt spéitstens den 1. Juli 2020 a Kraaft.

4. **Unhuelen vun engem Taxe-Reglement betreffend d'Offallverwertung**
De Gemengerot hellt d'Taxe-Regelement betreffend d'Offallverwertung vun dem Haushaltsoffall, dem Sperrmüll an anerem Offall un, esou wéi et vum Comité vum Gemengesyndikat SIDEC proposéiert gouf. Déi nei Taxen trieden den 1. Juli 2020 a Kraaft.

5. **Ofschafung vum Taxe Reglement betreffend de Verkaf vun Poubellen**
De Gemengerot entscheet d'Taxe-Reglement vum 16. Februar 2006 betreffend de Verkaf vun Poubellen ab dem 1. Januar 2020 ofzeschafen.

6. **Ännerung vun de Statuten vum Syndikat fir d'Verwaltung vum Naturpark „Mëllerdall"**
De Gemengerot hellt d'Ännerung vun de Statuten vum „Naturpark Mëllerdall" un.

7. **Personalsaachen**
De Gemengerot heescht an der Zäit onbegrenzten Aarbechtsverträg gutt vun
- der Madame Laëtitia Dieterlen-Vanhamme an der Madame Tessy Erpelding am Kader vum Schoultransport ;
- dem Här Christophe Gilles fir d'technesch Équipe.

De Gemengerot approuvéiert den an der Zäit begrenzten Aarbechtsvertrag vun der Madame Sandra Vaessen-Isekin am Kader vum Schoultransport.

De Gemengerot entscheet den Aarbechtsvertrag vun der Madame Miquelina Dos Santos un d'Konditiounen vum Staatsaarbechterkollektivvertrag unzepassen.

8. **Unhuelen vun engem Mietvertrag fir d'Appartement A, rue de Schoos n°4 zu Angelsbierg**
De Gemengerot approuvéiert e Mietvertrag vum 24. Oktober 2019 betreffend d'Haus, rue de Schoos n°4 zu Angelsbierg.

GEMENG

7

# Virstellung vum „interkommunalen" Waasserréseau

**De 14. November 2019 war am Veräinshaus zu Schous eng Infoversammlung wou d'Gemeng den neien interkommunale Waasserréseau virgestallt huet.**

Et handelt sech em eng gemeinsam Waasserleitung, mat am Ganzen enger Längt vu 15 km, déi eng Verbindung mécht tëschent de verschiddenen Drénkwaasserbehälter Iernzerbierg-Schous-Fëschbech-Záregrönnchen (Noumer) an dem Plateau Birkelt an der Fiels. Ausserdeem ginn d'Schlass Meesebuerg, mat der Kierch an dem Wunnhaus, an och déi verschidden Häff, wéi de Goudelter an de Weyderter, mat un de Réseau ugeschloss.

Den Devis läit bei 7,2 Mio € TTC an de Ministère subsidéiert de Projet zu 50%.

Den Zweck vun dëser Leitung ass et d'Waasser, wat an eise Quellen ass regional, besser ze verdeelen an de Bedarf un Drénkwaasser mëttel- bis laangfristeg ze garantéieren. Ausserdeem geet et drëm e weidert Standbeen ze hunn, wann déi eng oder aner Gemeng Problemer bei hierer kommunaler Waasserversuergung huet. D'Gemenge Fëschbech an Fiels stelle bei dësem Projet d'Quellewaasser zur Verfügung fir an de Réseau anzespeisen, Noumer wäert just Abnehmer sinn.

D'Aarbechten hunn elo den 11. November 2019 ugefaangen. Et dauert ongeféier 3 Joer bis de Réseau komplett wäert funktionéieren.


Mat un dësem Projet ass och d'Creos bedeelegt, déi hier Leitungen an de Buedem leeë, fir domat och d'Héichspannungsmasten tëschent Angelsbierg a Meesebuerg ewechhuelen ze kënnen. De SIDEN (Ofwaassersyndikat fir de Norden) mécht och mat fir d'Ofwaasser vu Meesebuerg un hire Réseau um Iernzerbierg mat unzeschléissen.

*Romain BECKERS*














| Matdeelungen |

# FOTOS CONCOURS

## *„Fëschbech - Wéi gesinn ech meng Gemeng?“*



**D'Kultur- an d'Veräinskommissioun organiséiert vum 1. Januar bis den 31. Dezember 2020 e Fotosconcours fir ALL BIERGER aus eiser Gemeng.**

**D'Thema ass „Fëschbech – Wéi gesinn ech meng Gemeng?".**

De Fotosconcours soll all Hobbyfotograf(in) oder Fotosfrënd(in) dozou bréngen iwwert d'Joer 2020 ze verbildleche wéi si/hien d'Gemeng Fëschbech gesäit. D'Zil ass et ze entdecken op wéivill verschidden Aart a Weisen, de Participant sech d'Ëmgéigend an d'Kultur zu eege mécht an enger Serie iwwer 12 Méint.

Déi 12 Fotoe sollen an enger héijer Opléisung an am Format JPEG per e-mail (luss.brosius@acfischbach.lu) verschéckt ginn. Et besteet och d'Méiglechkeet digital Fotoen op engem USB Stick op der Gemeng am Populatiounsbüro zu den üblechen Ëffnungszäiten ofzeginn.

De Concours ass ënnerdeelt an 2 Alterskategorie: Kanner/Jonker bis 15 Joer a Jugendlecher/Erwuessener ab 16 Joer.

D'Participatioun um Concours ass gratis.

D'Fotoe gin enger Jury ënnerbreet, déi dann an all Kategorie déi beschte Serie an déi beschte Gesamtfoto eraussicht. D'Kompositioun vun der Jury get zesumme mam Reglement vum Concours bekannt gemaach.


Nom Concours get eng Ausstellung organiséiert wou d'Gewënnerfotoe gewise ginn. Och all déi aner Fotoe ginn dem interesséierte Publikum virgestallt.

Selbstverständlech gin d'Gewënnerfotoe vun der Gemeng präméiert.

Fir um Concours deelzehuelen, mussen d'Participantenen de Formulaire ausfëllen an ënnerschreiwen (erofzelueden op www.acfischbach.lu ) an dëse per Email bis den 31.1.2020 u folgend Adress schécken: *luss.brosius@acfischbach.lu*, resp. zu Fëschbech op der Gemeng ofginn. All Participant gëtt eng Serie vun 12 Fotoen eran. Et gëllt maximum 1 Foto pro Mount pro Participant! D'Serie ass bis den 11. Januar 2021 eran ze ginn.

Dat geneet Reglement fënnt een och vum 20. Dezember 2019 un um Site vun eiser Gemeng.

Avis aux amateurs!



# Avis de fin d'année



Mat der Approche vum Wanter, wëlle mir Iech matdeelen, dass, konform zu de Bestëmmunge vum Code Civil*, d'Awunner gehale sinn um Trottoir virun hirem Terrain Schnéi oder Äis ze raumen, fir esou méiglech Accidenter ze verhënneren. Am Fall vun Net-Anhale vun dëser Dispositioun ass d'Responsabilitéit vum Awunner engagéiert.

*A l'approche de la saison hivernale, nous tenons à vous signaler que, conformément aux dispositions du Code civil*, les riverains sont tenus de déblayer le trottoir devant leur propriété de la neige ou du verglas, ceci afin d'éviter tout accident pouvant survenir. En cas de non-respect de la présente disposition nous vous signalons que la responsabilité du riverain est engagée.*

** article 1384, al. 1er du Code civil*



D'Gemengereglement betreffend den Schutz virum Kaméidi seet am Artikel 8 dat, um Gebitt vun der Gemeng Fëschbech, de Gebrauch vun Knupperten, Feierwierkskierper an aner explosiven Objeten innerhalb an och an enger Distanz vun manner wéi 100 Meter vun den Uertschaften verbueden ass. De Buergermeeschter ass net gewëllt Ausnamen fir d'Sylvesternuecht 2020 ze genehmegen.

*Le règlement communal relatif à la protection contre le bruit stipule dans son article 8 que, sur le territoire de la commune de Fischbach, il est défendu de faire usage de pétards, de feux d'artifices et d'autres objets détonants similaires à l'intérieur ainsi qu'à une distance inférieure de 100 mètres de l'agglomération. Le bourgmestre n'est pas disposé à donner des autorisations dérogeant à ce principe pour le nuit de St. Sylvestre 2020.*

Wéinst de Feierlechkeeten um Ënn vum Joer wäerten d'Büroen vun der Gemeng op de Feierdeeg zou sinn, grad ewéi de Freideg den 27. Dezember 2019. Mir soen Iech Merci fir Äert Versteesdemech.

*En raison des fêtes de fin d'année les bureaux de l'administration communale resteront fermés les jours fériés officiels ainsi que vendredi le 27 décembre 2019. Nous vous remercions de votre compréhension.*







## Travail pour etudiantes et etudiants de la commune de Fischbach

En 2020, la Commune de Fischbach engagera des étudiants pendant les vacances d'été.
**Au maximum 6 étudiants seront engagés pour une durée de 3 semaines.**

Les demandes complètes sont à remettre à l'administration communale de Fischbach a**u plus tard le 2 février 2020. Tout dossier incomplet sera refusé et toute demande reçue après cette date, ne sera plus considérée.**

Si le nombre des candidatures reçues, dépasse **2 candidat(e)s** par période, le collège échevinal procèdera au tirage au sort entre les candidat(e)s ayant remis un dossier complet au plus tard le 2 février 2020. Les candidat(e)s seront informés dans la semaine du 10 février 2020 de la suite réservée à leur demande.

Les candidat(e)s devront remplir les conditions suivantes:

1. être étudiant(e),
   est considéré comme étudiant(e):
   - toute personne qui est inscrite dans un établissement d'enseignement luxembourgeois ou étranger et qui suit de façon régulière un cycle d'enseignement à horaire plein ;
   - toute personne dont l'inscription scolaire a pris fin depuis moins de quatre mois au début du contrat de travail d'étudiant.

   Un certificat de scolarité, qui mentionne l'établissement scolaire fréquenté par le (la) candidat(e) est à joindre à la demande ;
2. être âgé(e) de 15 ans au moins à 27 ans accomplis (échéance à la date du 27e anniversaire) ;
3. résider dans la commune de Fischbach ;
4. présenter l'accord écrit des parents (pour les mineurs) ;
5. joindre une brève notice biographique (CV) mentionnant entre autre la matricule, un numéro de téléphone et, si existante, une adresse email ;
6. joindre une copie de la carte d'identité ;
7. indiquer leur disponibilité dans une des 3 périodes suivantes:
   - du 13 juillet au 31 juillet inclus ou
   - du 03 août au 21 août inclus ou
   - du 24 août au 11 septembre inclus ;
8. la rémunération sera de 80% du salaire social minimum graduée selon l'âge ;
9. disposer de chaussures de sécurité lors de l'entrée en service.

Chaque candidat(e) est engagé(e) pour une durée de trois semaines consécutives entre le 13 juillet et le 11 septembre 2020. La période d'engagement souhaitée ainsi qu'une période alternative est à indiquer, des changements ultérieurs n'étant pas possibles pour des raisons d'organisation. La durée de travail est de 40 heures par semaine, du lundi au vendredi de 07h00 à 12h00 et de 13h00 à 16h00.

Le collège échevinal se chargera de l'organisation des travaux. En cas de non-respect des consignes ou de l'horaire de travail, le collège échevinal pourra procéder au licenciement immédiat.

Genre de travaux à exécuter: tous les travaux en relation avec le service de régie communal.

L'Administration Communale de Fischbach, (tél: 327084-25, email *population@acfischbach.lu* est à votre disposition pour tout renseignement supplémentaire.

*Le collège des bourgmestre et échevins*

# PROGRAMME DES COURS HIVER 2020

**Luxembourgeois débutants A. 1.2 - *soir***
Lieu: Centre culturel Fraïhof - Steinheim
Date: 2x Sem. - les mardis et jeudis - du 25 février au 18 juin 2020
Horaire: 19h à 21h
Prix: 200 euros/60 heures (15 semaines)
Formateur: Nuno Neves

**Français débutants semi-intensif A. 1.1 - *matin***
Lieu: Jugendhaus, 21 rue Hoovelecker Buurchmauer L-6418 Echternach
Date: 2X Sem. - les jeudis et vendredis - du 14 janvier au 22 mai 2020
Horaire: 9h30 à 11h30
Prix: 200 euros/60 heures (15 semaines)
Formatrice: Sophie Kalisz

**Français débutants semi-intensif B. 1.1 - soir**
Lieu: Jugendhaus, 21 rue Hoovelecker Buurchmauer L-6418 Echternach
Date: 2x Sem. - les mardis et jeudis - du 7 janvier au 31 mars 2020
Horaire: 19h00 à 21h00
Prix: 170 euros/50 heures
Formatrice: Cécile Liket

**Français débutants semi-intensif A. 2.1 - *après-midi***
Lieu Jugendhaus, 21 rue Hoovelecker Buurchmauer L-6418 Echternach
Date: 3X Sem. - les lundis, mercredis et vendredis - du 6 janvier au 20 mars 2020
Horaires: 14h00 à 16h00
Prix: 200 euros/60 heures
Formatrice: Sophie Kalisz

**Français débutants intensif A1.2 – matin**
Lieu: Jugendhaus, 21 rue Hoovelecker Buurchmauer L-6418 Echternach
Date: 3x Sem. - les lundis, mercredis et jeudis - du 6 janvier au 19 mars 2020
Horaires: 8h00 à 10h00
Prix: 200 euros/60 heures
Formatrice: Cécile Liket

**ZUMBAKIDS – enfants de 7 à 12 ans**
Lieu: Centre sportif Filano – Plateau Birkelt L-7633 Larochette
Date: chaque lundi à partir du 6 janvier 2020
Inscription pour la période de janvier à juillet 2020
Horaire: 17h30 à 18h30
Prix: 110 euros
Formatrice: Mireille, instructrice diplômée de Zumba

**TAI-CHI**
Lieu: Centre sportif et culturel - Heffingen
Date: chaque jeudi à partir du 9 janvier jusqu'au 2 avril 2020
Horaire: 9h30 à 11h00
Prix: 145 euros/12 séances
Formateur: J. P. Nowacka

**QI-GONG**
Lieu: Maison des jeunes - Echternach
Date: chaque mercredi à partir du 8 janvier jusqu'au 1 avril 2020
Horaire: 19h00 à 20h30
Prix: 145 euros/12 séances
Formateur: J. P. Nowacka


**ZUMBA**
Inscriptions pour la période janvier à juillet 2020
Lieu: Centre sportif Filano – Plateau Birkelt L-7633 Larochette
Date et horaire: chaque lundi à partir 6 janvier 2020 de 19h à 20h
Prix: 135 euros/24 cours
Formatrice: Mireille, instructrice diplômée de Zumba

Lieu: Centre sportif de Born
Date et horaire: chaque mardi à partir du 7 janvier 2020 de 19h00 à 20h00
Prix: 135 euros/24 cours
Formatrice: Mireille, instructrice diplômée de Zumba



**INSCRIPTIONS**
MEC asbl
9 rue André Duchscher L-6434 Echternach
Tél: 26 72 00 35 - Email: info@mecasbl. lu
www.mecasbl.lu

Les inscriptions seront valables après réception du paiement. Les bénéficiaires d'un bon pour tarif réduit sont priés d'apporter leur bon à l'inscription.




# WE NEED YOU! EDITION 2

Suite au succès rencontré, le MEC asbl recherche des seniors pour renforcer son équipe d'accompagnateurs scolaires.

- Vous avez 50 ans et plus
- Vous aimez le contact avec les enfants
- Vous souhaitez transmettre votre savoir soit en français, allemand et/ou mathématiques à la jeunesse
- Vous voulez vous engager dans votre région d'une manière différente

## NOUS OFFRONS

- Une formation gratuite d'accompagnateur scolaire
- Une compensation financière par séance de soutien scolaire réalisée
- Un encadrement professionnel de vos activités

## INTÉRESSÉ?

Alors contactez-nous au 26.72.00.35 ou par email à info@mecasbl.lu.

Déposez votre candidature jusqu'au 3 janvier 2020. Un entretien et des tests d'aptitudes seront réalisés dans le cadre de la procédure de recrutement.

Le service d'accompagnement scolaire a été créé en mars 2019, dans le cadre d'un projet LEADER. Il a déjà apporté beaucoup de satisfaction à la fois aux seniors et aux enfants encadrés. Aidez-nous à étendre ses activités.

Nous comptons sur vous !!



Une énorme satisfaction quand je vois que l'enfant s'intéresse et fait d'énormes progrès – Brigitte

Je me sens plus jeune – Annette

Redonne un sens, fait sortir de l'ennui – Josiane

Active mon cerveau – Robert

Plein de nouvelles expériences - approche différente de mon ancien métier – Josiane



mec asbl – mouvement pour l'égalité des chances … pour tous!

9, rue André Duchscher | L-6434 Echternach
Tél.: 26 72 00 35 | 621 66 92 12 | info@mecasbl.lu
www.mecasbl.lu

Fonds européen agricole pour le développement rural: l'Europe investit dans les zones rurales.

# Audition d'élèves

**Den 8. Dezember 2019 gouf wéi all Joer d'Audition d'élèves vun der „Ecole de musique de l'Union Grand-Duc Adolphe" ofgehalen. A tour de rôle gëtt dësen Event an enger vun de 4 bedeelegte Gemenge Fiels, Fëschbech, Noumer oder Hiefenech um Enn vun all Kalennerjoer organiséiert.**

Dëst Joer war den Tour un Noumer a vill Museksschüler mat hire Familljen hate Sonndes Moies de Wee an d'Noumer Kierch fonnt. Mat dobäi och e sëlleche Museks- a Gesangstalenter aus eiser Gemeng.

No all Gesangs- oder Museksprestatioun goufen d'Diplomer, fir dat mat Succès absolvéiert Joer an der Museksschoul, vun de Gemengeresponsabel un déi houfreg Lauréaten iwwerreecht. Fir d'Gemeng Fëschbech hunn de Buergermeeschter Fränk Daems an de Conseiller Dan Moura dës Charge gären iwwerholl.

Aus der Gemeng Fëschbech hunn un dëser Auditioun Deel geholl: Agnes Jana, Dujardin Mylène, Faber Anna, Hemmer Charel, Kiersch Willem, Margreve Lena, Popoff Timothée, Raffaelli Julia, Raffaelli Noah, Schiltz Elena, Schmit Samuel, Kolber Félix, Kolber Jimmy, Vaessen Louis, Vaessen Kathi, Vaessen Anne, Weis Betty, Wurth Mathilda, Wurth Catherine, Conrad Chantal, Conrad Florence, Franck Laura a Wagener Mats.

Et kann een hinnen alleguer nëmme fir hiert Engagement an hir Passioun félicitéieren an hoffen dass si der Musek och weiderhi wäerten trei bleiwen.

Der Gemeng Noumer an der ganzer Organisatiounsequipe vun der UGDA Museksschoul, mat virop dem Claudine Kettel, e grousse Merci fir dëse gelongene Sonndegmoien dee mat engem Éierewäin am Keller vun der aler Schoul op en Enn goung.

*Fränk Daems*





# Diplomiwwerreechung 1. Héllefcours








**landakademie**

## Dir sidd Formateur an der Erwuessenebildung fir Sprooch- a Computercoursen

an drun interesséiert als Chargé de Cours an der Erwuessenebildung ze schaffen?

Da sichen mir Iech!

D'Landakademie bitt verschidden Sprooch- a Computercoursen an Zesummenaarbecht mat senge Partnergemengen an dem Ministère de l'Education Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse un, a sicht reegelméisseg no Formateuren.

Wann Dir interesséiert sidd Coursen ze halen a mat der Landakademie zesummenzeschaffen, da schéckt eis w.e.g. Ären CV esou wéi eng Kopie vun Ärem Agrément* un info@landakademie.lu.

Fir weider Informatiounen kënnt Dir eis gäre kontaktéieren:

**Landakademie**
2 am Foumichterwee | L-9151 Eschdorf
Tel: 89 95 68 -23, -28 | Fax: 89 95 68-40
info@landakademie.lu | www.landakademie.lu


**D'Viraussetzung fir mat der Landakademie als Formateur bzw. Chargé de Cours kënnen zesummenzeschaffen ass, ee gëltegen Agrément vum Ministère de l'Education Nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ze besëtzen fir Coursen ze halen, déi am Kader vun der Erwuessenebildung konventionéiert sinn.*


GEMENG

myenergy Luxembourg

# Heizen mit Holz

1 Auf eine gute Holzqualität setzen




2 Verwenden Sie trockenes Holz



5 Bei bereits schlechter Luftqualität das Betreiben von Holzöfen reduzieren



3 Keinen Müll verbrennen



4 Richtige Holzmenge einsetzen und einen Schwelbrand vermeiden





myenergy.lu
heizungscheck.lu

myenergy 8002 11 90

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement





KlimaPakt European Energy Award

myenergy Luxembourg

# Se chauffer au bois

1 Le bois doit répondre à plusieurs critères




2 Utilisez du bois sec



5 Évitez d'utiliser votre poêle à bois lors des épisodes de pollution



3 Ne brûlez pas de déchets



4 Utilisez la bonne quantité de bois et évitez d'étouffer vos flammes





myenergy.lu
heizungscheck.lu

myenergy 8002 11 90

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

# Neien Hausmeeschter an der Sportshal



**Esou ganz richteg ass eis Iwwerschrëft zu dësem Artikel net, wëll nach ass de Georges Brosius eisen Hausmeeschter an der FILANO's Sportshal, an dat ëmmerhi schonn zanter Abrëll 2001.**

Wëll de Georges awer viraussiichtlech am Summer 2020 a seng wuelverdéngte Pensioun geet an eng villgenotzte Sportshal net ouni Concierge fonktionéiert, huet schonn am Virfeld misste recrutéiert ginn.

De Choix ass op de Sam Peters gefall. De Sam Peters ass en `85er Modell, wunnt zu Lëntgen an ass bestuet. De Sam mécht zanter 1999 Triathlon, ass sportlech an dynamesch an huet selbstverständlech déi néideg Qualifikatiounen déi dëse Posten verlaangt. Donieft huet de Sam och nach en CATP als instructeur de natation wat mat Sécherheet net vun Nodeel ass op eisem FILANO's site.

De Sam huet elo d'Méiglechkeet wärend engem Joer an déi villfälteg Tâche vum Concierge duerch de Georges agewisen ze ginn. Hei huet hien nieft senge Reparatur an Entretiens-Aarbechten och mat villen Handwierksfirmen, Veräiner a Schoulklassen ze dinn.

Pënktlech fir d'Rentrée, méindes de 16. September 2019, huet de Sam Peters säin neit Amt ugetrueden. Als President vum FILANO hunn ech et ubruecht font hien op sengem éischte Schaffdag op senger neier Aarbecht ze begréissen an him virop alles Guddes ze wënschen.

*Fränk DAEMS*
*President FILANO*





# Nationalen Dag vum Bam zu Beefort

09.10.2019 **BEEFORT**

**Am Kader vum nationalen Dag vum Bam goufen de 9. November zu Beefort beim Klingelbour zwielef Flatterulme geplanzt.**

All Bam steet stellvertriedend fir eng Gemeng aus dem Natur- & Geopark Mëllerdall. De Schäffe Luss Brosius an de Conseiller Paul Brosius hunn e Bam fir eis Gemeng geplanzt. Et ass fir déi véierte Kéier, datt d'Gemengen aus dem Natur- a Geopark Mëllerdall eng gemeinsam Planzaktioun organiséiert hunn. Wann der Iech gären d'Beem ukucke gitt, da kënnt der zu Beefort beim Schlass parken an vun do aus duerch den Dall bis bei de renovéierten Klingelbour mat senger flotter Waasserspillplaz trëppelen.

*Luss BROSIUS*









# Billerausstellung „Naturmolerei“

**Kultur-, Veräins- an Emweltkommissioun** 06.10.2019 **SCHOUS**





**De Weekend vum 4. bis 6. Oktober konnten d'Kommissioun fir Ëmwelt- an Liewensqualitéit zesumme mat der Kultur- a Veräinskommissioun aus der Gemeng Fëschbech, 5 Kënschtler zu Schous op der Héicht begréissen.**

D'Marie-Elise aus der Belsch, de Wladimir Bjesowski aus Russland, esou wéi den Emil Antony, de Christophe Poissonnier an de Marco Weiten aus Lëtzebuerg, hunn hir Biller zum Thema Natur ausgestallt. De Buergermeeschter Fränk Daems huet e Freiden um Vernissage déi eenzel Kënschtler virgestallt an am Laf vum Weekend hat een d'Méiglechkeet d'Wierker vun de Kënschtler ze bewonneren an ze kafen.

*Luss BROSIUS*



















# Mäi Wëllen - Mäi Wee

10.10.2019 **SCHOUS**

**Den 10. Oktober hat d'Gemeng Fëschbech an d'Veräinshaus „op der Héicht" invitéiert op eng Konferenz mat der „Mäi Wëllen – Mäi Wee" a.s.b.l., d'Association pour le Droit de Mourir dans la Dignité Lëtzebuerg.**

Virun ronn 30 Leit gouf d'Konferenz geleet vun den Dammen Josselin an Hammes vun der „Mäi Wëllen – Mäi Wee" a.s.b.l.

D'Enn vum Liewen an d'Euthanasie si ganz eescht Themen, déi net gären oppen diskutéiert ginn, an awer grad dat war de But vun dëser Konferenz. All interesséiert kruten d'Modalitéiten erkläert a goufen opgekläert wéi a wéini een de Choix vun der Stierfhëllef ka maachen. Un Hand vu konkrete Beispiller gouf et op all Fro eng Äntwert. Begréissenswäert war dass och eng kontrovers Diskussioun während der Konferenz net ausbliwwen ass, kee Wonner bei esou engem eescht[e] Sujet.

No dësem léierräichen Owend huet d'Gemeng Fëschbech nach op e Patt invitéiert.

E grousse Merci un d'Mme Josselin an d'Mme Hammes.

Weider Infoe fann Dir ënner www.mwmw.lu

*Fränk DAEMS*



24

# Journée de la commémoration

13.10.2019 **FËSCHBECH**



**D'Journée de la commémoration nationale war dëst Joer op den 13. Oktober festgeluecht. Sonndes Moies gouf wéi all Joer op Commémoratiounsdag eng Mass zu Fëschbech zelebréiert a Gedenken un d'Affer vun der Nazi-Occupatioun am 2ten Weltkrich.**

No der Mass hunn déi Gemengeresponsabel mam Kaploun Tristan Häcker, mat der Chorale an allen presente Leit beim Monument virun der Kierch d'Heemecht gesongen zu Éiere vun allen Lëtzebuergerinnen a Lëtzebuerger déi am 2ten Weltkrich hiert d'Liewen hu misste loosse wëll Sie sech géint den Occupant gestallt hunn, fir ons Fräiheet.

Haut 2019, um 75. Joresdag vun der Befreiung vun eisem Land, gëllt et méi wéi jee déi grujeleg Krichsjoren an hir Affer net ze vergiessen an duerfir ze suergen dass d'Geschicht sech net méi widderhëlt.

Merci all deenen déi de Commémoratiounsdag mat gefeiert hunn.

*Fränk DAEMS*



# Zesumme kachen

**Am Juli dëst Joer huet d'Integratiounskommissioun vun der Gemeng Fëschbech eng Ëmfro gemaach wat fir eng Course sollen an der Gemeng ugebuede ginn. Bei dëser Ëmfro ass eraus komm, datt nawell vill Leit un enger „Zesumme Kachen" Aktioun interesséiert wieren.**

De 24. September war dunn den éischte Rdv op der Héicht am Veräinshaus fir den Oflaf vun der „Zesumme Kachen" Aktioun ze klären. Bis elo gouf schon 3 mol zesumme gekacht. Déi 1. Kéier war d'Thema Fingerfood. Duerno si Mullen op verschidde Manéiere gekacht ginn. Op deem leschte Rdv sinn Entréeën zum Thema Chrëschtdag gekacht ginn.

All déi Leit, déi elo Loscht an Honger kritt hunn a bei dëser Aktioun matmaache wëllen, kënne gären déi nächste Kéier matkachen. Fir weider Informatiounen an Umeldung schéckt w.e.g.eng Mail un: *patrick.grotz@acfischbach.lu*

*Text & Fotoen: Patrick GROTZ*













***Den nächste Rdv ass den 28. Januar 2020 um 19 Auer op der Héicht am Veräinshaus, D'Thema ass: Dessert.***

GEMENG

25

| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |

# Adventsfënster

## Kultur- a Veräinskommissioun



**An eiser Gemeng war dëst Joer fir d'éischte Kéier d'Aktioun „Advents-fënster". All d'Fënstere goufe wierklech flott ëmgesat. Leit aus der ganzer Gemeng hunn sech bei de Fënsteren afonnt fir Geschichten ze lauschteren, e Patt ze drénken, e Maufel z'iessen, zesummen ze poteren a natierlech déi schéi Fënsteren ze bewonneren.**

Et war bis elo e groussen Erfolleg a wäert och héchstwarscheinlech d'nächst Joer nees stattfannen. Hei fann der elo e puer Andréck vun der Aktioun 2019. Well mer et awer leider virum Redaktiounschluss vum Gemengeblat net méi gepackt hunn all Fënsteren ze fotograféieren, wäerte mer se all um Internet-site vun der Gemeng publizéieren.

*Luss Brosius*
*President vun der Kultur- a Veräinskommissioun*




























GEMENG

27













*Angsber Schoul*



| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |



*Bei de Kueben*








*Gemeng*

# Wanterimpressiounen

*Fotoen: Olivier MOLITOR*














# Aktivitéiten an der Schoul

## AWEIUNG VUM SPORTSTERRAIN

De 27.09.2019 gouf de Multisportsterrain vun der Angsber Schoul ageweit! De Vertrieder vum Sportsministère, de Rob Thillens, huet eng Ried gehal iwwert d'Wichtegkeet vum Sport, genausou wéi eise Buergermeeschter Fränk Daems. 2.500.000 ct (25.000 €) huet de Ministère bei d'Onkäschte vum Terrain bäigeluecht! All d'Schoulkanner hunn 2 Lidder gesongen „Ein Hoch auf uns" an „Wa mir Futtball spillen". Dono huet déi ganz Schoul vu Kleng bis Grouss sech mat flotten Aktivitéite vum Wikinger Schach bis Mini Golf ameséiert. An natierlech gouf och den Terrain mat Basketball-, Fussball- an Indiacamatcher ageweit. D'Kanner hunn iwwert d'Mëttesstonn dierfe bei der Schoul bleiwen, well si vun der Gemeng eng lecker Wurscht spendéiert kruten.

Mmmjjjamm, war dat gutt!!!!!!!!!!!!!!!

Merci fir de flotten Dag an deen neien Terrain un d'Gemeng, d'Maison Relais, d'Léierpersonal an déi vill aner, déi dozou bäigedroen hunn!

*Nevio an Tim aus dem Cycle 4.2*



























# SCIENCE FESTIVAL

Am November ware mir mat der Klass op de Science Festival an d'Stad. Mir haten eis an 3 Atelieren ageschriwwen.

Den éischten interessanten Atelier war iwwer d'Musticken. Mir kruten e klenge Film gewisen an dunn hu mir e Quiz gemaach. Dofir hu mir mam Mikroskop d'Entwécklung vun de Musticke misse kucken.
Dat zweet war eng Seefeblose-Show. E Mann huet ons gewisen, wat een alles mat Seefeblose maache kann, z. B. mat Feier ufänken oder sech selwer an eng Blos stellen…

Deen drëtten a leschten Atelier hat d'Thema „le cycle de l'eau". Hei hu mir eng Stad missen erfannen, déi esou gebaut war, datt et hei keng Iwwerschwemmunge géife ginn.

Dat war e flotten Ausflug!

*Manou a Raffaella, Cycle 4.2*










# AUF SPURENSUCHE IN DER BURG FELS



Wir haben am 23. 10. 2019 mit unserer Klasse (4. 2) die Burg in Larochette besucht. Wir fuhren mit dem öffentlichen Bus nach Larochette und dann sind wir den ganzen Berg hinaufgewandert bis zur Burg. Hier bekamen wir zwei Blätter ausgeteilt. Auf dem einem waren Fotos von Plätzen in der Burg, die wir suchen mussten und auf dem anderen war ein Plan der ganzen Burg abgebildet, damit wir uns zurechtfanden. Wir haben Zweiergruppen gebildet und dann legten wir ohne die Lehrerin los. Doch nach einer gewissen Zeit pfiff die Lehrerin und alle Zweiergruppen kamen zurück, um das Pausenbrot zu essen.
Ein paar Minuten später gingen wir mit der Lehrerin noch mal zu allen Plätzen die wir gesucht hatten. Wir blieben immer wieder stehen und bekamen dann etwas erzählt, z. B. die Legende zum Brunnen. Der Brunnen war früher 150 Meter tief. Die Leute mussten das Wasser mit einem Wasserrad hochziehen. Bei einem großen Brand wurde das Rad zerstört und der Brunnen beschädigt. Bei der Restaurierung haben sie wieder 36 Meter von ihm freigelegt. Früher sagten die Leute, dass ein Drache unten im Brunnen lebte und dass der an Karfreitag hinauskommen würde.

*Laurie, Zyklus 4.2*





ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG

| Angsber Schoul |

# SCHOULJOER 2019-2020


Cycle 1: Julie Neumann mam Carmen Bernotte a Fabienne De Martines


Cycle 1-0 Précoce: Sarah Lanners mam Michelle Vrehen a Fabienne De Martines


Cycle 1: Anne Schumacher mam Fabienne De Martiens a Carmen Bernotte

*Fotoen: Frank WEYRICH*


**Cycle 2-1:** Julie Gorza a Catalina Baden


**Cycle 2-2:** Samantha Gorza a Simone Ackermann








**Cycle 3-1:** Jacquie Wagener a Mireille Garson


**Cycle 3-2:** Manon Schmit a Lis Karier *(Remplaçante vum Jasmine Braun)*



Cycle 4-1: Edmond Haas a Sarah Kolber



Cycle 4-2: Lucie Mensen mam Carole Reuter



| Angsber Schoul |

# Elterevertriederwalen



**En Dënschden, 22.10.2019, waren déi 6. Elterevertriederwalen vun der Angsber Schoul am Multifunktiounsraum vun der Maison Relais.**

4 Kandidate goufe, par acclamation vun der Versammlung als Eltervertrieder fir déi nächst 3 Joer ugeholl.

***D'Angsber Schoul freet sech op eng gutt Zesummenaarbecht.***



# Ho, ho, ho! De Klesschen ass do …

*Fotoen: Frank WEYRICH*





























# Aktivitéiten an der Maison Relais

# Wantermaart

**Den 29.November 2019 hat d'Maison Relais hiere grousse Wantermaart organiséiert.**

Déi Woche virun dësem Fest hunn d'Kanner fräiwëlleg un verschidden Atelieren deelgeholl an deenen si Produiten fir den Maart selwer gebastelt hunn. Esou haten si d'Méiglechkeet z.B. Porte-cléën aus Holz , Käerzen an recycléierte Glieser, Badebomben, Lëpsebalsam oder Adventskränz hierzestellen, déi um Fest verkaaft goufen.

Um 18h30 gouf eng Danceshow gewisen fir déi d'Kanner 4 Wochen lang fleisseg trainéiert hunn. D'Kanner (Précoce-C4) konnten hei hiert Danztalent an hier Kreativitéit den Spectateuren präsentéieren. Vill Séisses ( Kuch, Paangecher, Bubblewaffles,...) konnt een bei doucer Chrëschtdagsmusek an eisem wanterlech dekoréierten Gebai genéissen.











**Nora:** „Ech hunn bei 2 Dänz matgemaach an ech hunn mech gefreet den Zuschauer alles ze weisen. Meng ganz Famill koum kucken. Och meng Bomi an mäin Bopi. Dat huet mech richteg gefreet. Ech hunn och eng „Bubblewaffle" giess wou ech Schokola, Bueno an Bananne drop gemaach hunn. Dat war lecker! "

**Parwiz:** „Ech hunn um Wantermaart gebrannten Nëss kaf déi mir an der Maison Relais gemaach hunn an ech hunn bei dem Danz vum Cycle 3 matgemaach. Deen Danz war cool. Mir hunn vill dofir geüübt."

**Viviana:** „Eis Maison Relais haten mir den Dag virdrun mat den Educateuren zesummen dekoréiert. Dat war flott. Och Turnhal gouf dekoréiert well do Danceshow gewisen gouf."

# Léiffrawëschdag

## ACFL (Fraen a Mammen)

15.08.2019 SCHOUS

**Och dëst Joer war um 15. August nees déi traditionell Mass fir Léiffrawëschdag zu Schous, wou de Wësch geseent ginn ass. Eng ronn 60 der Wësche sinn an den Deeg virdru vun de Fraen a Mamme vun der ACFL (Action Catholique des Femmes du Luxembourg) gemaach gi. 57 Stéck konnten no der Mass fir 10 € verkaf ginn. Den Erléis ass ewéi all Joer fir e gudden Zweck.**

Mee wat ass iwwerhaapt Léiffrawëschdag a wat ass e Wësch?

Léiffrawëschdag ass besser bekannt als Maria Himmelfaart. De 15. August feieren déi Gleeweg, datt Maria, dem Jesus seng Mamm, an den Himmel opgeholl gouf. Traditionell gëtt deen Dag zu Lëtzebuerg de Krautwësch oder einfach Wësch genannt, an der Kierch geseent. De Paschtouer mëscht dat mat dësem Gebiet:



*„Här, eise Gott, du hues Maria iwwer all Geschëpf erhuewen a sinn an den Himmel opgeholl. Op hirem Fest soe mir dir Merci fir all Wonner vun denger Schëpfung. Duerch d'Heelkraider an d'Blumme schenks du eis Gesondheet a Freed. Seen dës Kraider a Blummen. Si erënneren eis un d'Herrlechkeet an de Räichtum vun dengem Liewen. Schenk eis op d'Virsprooch vu Maria däin Heel. Looss eis zur éiweger Gemeinschaft mat dir kommen an dann astëmmen an de Luef vun der ganze Schëpfung, déi dech lueft duerch däi Sonn Jesus Christus an all Éiwegkeet, Amen.“*

De Wësch ass e Bëndel deen sech aus ville verschiddene Fruuchtzorten (Wees, Geescht, Kar an Huewer), Geméiszorten (Ënn a Muert) a Kraider (Batteralzem, Däll, Léiffrabettstréi, Kaméileblumm, Karblumm, Peffermënz) aus dem Gaart a vum Feld zesummesetzt.

*Luss BROSIUS*





| Wat war lass? |

# Journée du Grand Âge

## Seniorveräin

13.10.2019 SCHOUS

**Den 13.Oktober 2019 huet eise Veräin eis eeler Matbierger op d'Héicht agelueden, fir mat hinnen hiren Eierendag ze feieren.**

D'Presidentin Marie-Louise Haas-Erpelding huet all Memberen, Invitéeën a Jubilaren ganz häerzlechst begréisst. No enger Gedenkminut fir eis Verstuerwen huet eise Buergermeeschter Fränk Daems och e puer Wierder un eis geriicht a verschidden Aktivitéiten fir eis Seniore virgeschloen.

No engem gudde Menu vum Restaurant Steinmetz goufe folgend Jubilaren geéiert:

**Fir 75 Joer:** Daems Mich
**Fir 80 Joer:** Clemen Norbert, Thilgen Charel
**Fir 81 Joer:** Heymans Josée, Wies Marina
**Fir 82 Joer:** Kraus Léonie, Simon Roger
**Fir 83 Joer:** Flammang Marie-Anne, Spiewak Maria
**Fir 84 Joer:** Janssen Henri, Weyland Anne, Zenner Jos
**Fir 85 Joer:** Heidemann Mathilde, Holz Hélène, Kohl Régine, Kraus Ben, Pinckers Liz
**Fir 86 Joer:** Albers Henk, Ernzen Eugénie, Zenner Claire
**Fir 88 Joer:** Bisenius Lucie, Karier Alice
**Fir 89 Joer:** Kemp Jeanne
**Fir 98 Joer:** Peters Paul



***Mir wënschen hinnen alleguer eng gutt Gesondheet a mir gesinn eis d'nächst Joer den 11.Oktober 2020.***



WAT WAR LASS ?

# Hämmelsmarsch an eiser Gemeng

## Chorale Fëschbech - Angelsbierg - Schous

**ANGELSBIERG**
**06.10. 2019**



**SCHOUS**
**17.11.2019**



**FËSCHBECH**
**17.11.2019**







# Kiermes Haam

## Amicale Pompjeeën

**17.11.2019 SCHOUS**

**Sonndes, de 17. November, den Dag vun der Schéisser a Fëschber Kiermes, hat d'Amicale vun de Pompjeeën aus eiser Gemeng op hir traditionell Kiermesham invitéiert.**

Vill Leit aus eiser Gemeng an aus den Nopeschdierfer waren dëser Invitatioun nokomm, sou datt de Sall bis op déi lescht Plaz gefëllt war, wéi um 18.00 Auer d'Kiermesham zerwéiert gouf. No der Kiermesdrëpp hunn d'Leit nach e puer gemittlech Stonne bei der Danzmusek, gespillt vum Ee-Mann-Orchester Top-Sound, verbruecht.

*Lucien KARIER*











*Fotoen: Alain GROHS*

# Schluechtfest

## Senioreveräin

10.11.2019 SCHOUS



**Well de Gaart an Heem d'lescht Joer mat sengen Aktivitéiten opgehal huet, huet de Senioreveräin aus der Gemeng Fësch-bech d'Schluechtfest iwwerholl.**

Den 10.November 2019 ass dat grousst Schluechtfest ofgehale ginn, an zwar mam gewinnte Succés. Am Ganze sinn 150 Menüen zervéiert ginn: Traïpen, Rëppchen a Wirschtercher, alles mat Speck-grompere, Bounen, Sauermous an Äppelkompott, natierlech duerno eng guttTaas Kaffi an e Stéck Taart.

Mir hoffen Iech alleguerten den 29. November 2020 um Schluechtfest erëm ze gesinn.

*Marie-Louise HAAS*







# Fairtradekaffi

## Fairtradegrupp

01.12.2019 SCHOUS

**Um 1. Dezember moies woren nees vill Leit op d'Héicht op den traditionelle faire Buffet komm. Eng 90 Leit hu sech an enger gemittlecher Atmo-sphär déi regional a fair Produkter schmaache gelooss.**

Dernieft gouf et wéi all Kéier eng Ausstellung vu Schü-leraarbechten zu engem Fairtrade-Thema. Dës Kéier goung et ëm d'Nohaltegkeetsziler fir 2030. D'Kanner aus dem C 4.2 hu sech intensiv mam Thema ausernee gesat an hunn a Gruppenaarbecht Länner entworf, an deene probéiert gëtt, déi 17 vun der UN festgeluegten Ziler ze erreechen.









**Den Datum vum**
**Faire Buffet 2020**
**steet elo scho fest:**
**et ass den 22.11.2020**
**Mir freeën eis op iech!**
**De Fairtrade-Grupp vun der Gemeng Fëschbech**

# D'Stäresängeraktioun

20*C+M+B+20



Wann Dir wëllt, datt d'Kanner sonndes mëttes, de 5. Januar bei Iech doheem passéiren, da kënnt Dir dem Isabel Fernandes bis den 3. Januar um Tel. 621 794 257 uruffen oder e Message mat Ärer Adresse schécken.

Dir kënnt d'Actioun och ënnertstëtzen andeems Dir en Don op de Compte vu Missio Lëtzebuerger CCPL LULL IBAN LU69 1111 0171 2351 0000 mat der Mentioun-Stäresängeraktioun Gemeng Fëschbech - iwwerweist.

La prochaine action des chanteurs à l'Etoile aura lieu le dimanche 5 janvier. Les enfants déguisés en rois mages, bergers et anges vont sonner aux portes pour souhaiter la bonne année et bénissent les maisons des habitants en inscrivant la bénédiction 20 * C+ M+B+ 20 sur le haut de la porte d'entrée.

**Cette année les chanteurs à l'étoile sont placés sous le thème de la paix au Liban et de la paix partout dans le monde.** Ils récoltent de l'argent pour les enfants du Liban, pays phare de la campagne 2020. L'argent servira à venir en aide à des enfants qui ont survécu à la guerre en Syrie et qui se sont réfugiés avec leurs familles au Liban. Le Liban se trouve entre Israël et la Syrie et accueille bon nombre de réfugiés alors que c'est un pays pauvre dans lequel les tensions récentes ont fait la une des journaux.

Missio- enfance missionnaire soutient un projet dans lequel les enfants qu'ils soient libanais, syriens, palestiniens, de religion chrétienne ou musulmane apprennent à connaître les différentes cultures et religions. Le but de ce projet est de prévenir aux guerres par le moyen de l'éducation à la paix.

**Si vous voulez accueillir les enfants à votre domicile nous vous demandons de contacter Isabel Fernandes jusqu'au 3 janvier au tél. 621 794 257 ou de lui envoyer un message avec votre adresse par SMS / whats app. Les enfants passeront le dimanche 5 janvier entre 14 et 17 heures.**

Vous pouvez soutenir l'Action des Chanteurs à l'Etoile également en faisant un virement à Missio-Luxembourg CCPL LULL IBAN LU69 1111 0171 2351 0000 avec la mention «Action des Chanteurs à l'Etoile – Commune de Fischbach»

Ënnert dem Motto: **Fridde fir de Libanon a Fridden fir déi ganz Welt** sinn e Sonndeg, 5. Januar eis Stäresänger nees nomëttes an der Gemeng ënnerwee. Sie wënschen den Awunner, déi hinnen hier Dier opmaan fir d'neit Joer a schreiwen de Seegensspruch un d'Hausdier. Bei dëser Geleeënheet sammelen sie Suen fir d'Kanner am Libanon, wou vill syresch Kanner mat hiere Familllen e provisorescht neit Doheem fonnt hunn. De Libanon, deen tëscht Israel a Syrien läit huet selwer e laange Biergerkrich hannert sech. Et ass e relativ aaremt Land an deem et rezent och nees rumouert huet. Trotz de schwieregen Emstänn huet de Libanon ganz vill Krichsflüchtlingen bei sech opgeholl a probéiert dës Leit esou gutt wéi et geet z'encadréieren.

Missio betreit dohannen e Projet an deem d'Kanner egal vu wéi enger Relioun a Natioun solle léiren friddlech matenaner ëmzegeon. A gemeinsame Coursen kréien d'Kanner déi verschidde Kulturen a Reliounen virgestallt an expliziéiert mam Ziel, datt d'Kanner erkennen, datt déi Ënnerscheeder näischt solle sinn waat trennt mee éischter eppes wéi eng Beräicherung fir jiddereen kënne sinn. Mënschen déi sech ënnereneen besser kennen a verstinn fänken kee Krich méi un, daat ass d'Iddi hannert dem Projet.





# D'Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous ënnerstëtzt de lokale Kierchefong an de Kolping-Lëtzebuerg

**Um Enn vum Kierchejoer huet d'Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous hir Patréinesch, déi helleg Cäcilia gefeiert. De Chouer huet dofir all seng Sänger, Memberen a d'Mataarbechter vum Porfest op eng kleng sympathesch Feier invitéiert, fir d'Joer a frouer Ronn ofzeschléissen a fir de Gewënn vum Porfest virun ze reechen.**

Dëst Joer goufen zwee Schecker iwwerreecht an zwar ee Scheck iwwert 1.000 € un de Paul Derkum, President vum Kierchefong vun der Par Miersch-Hellege Franziskus an en zweete Scheck mam selwechte Montant un d'Marie-Jeanne Brauch, Nationalpresidentin vum Kolpingveräin. Béid Bénéficiairen hunn der Chorale an de Frënn vum Porfest fir hiirt Engagement Merci gesot an hunn déi gutt Zesummenaarbecht gelueft. A kuerzen Usproochen hu se erklärt, wéi wichteg dës finanziell Ennerstëtzunge sinn a se hunn ugekënnegt, wéi se d'Sue sënnvoll wäerten asetzen. Fir datt och dat nächst Joer e Scheck iwwerreecht ka ginn, invitéiert de Veräin elo schon de 19. Juli 2020 op dat nächst Porfest zu Schous.

*Chantal CONRAD*





# Bodensee

## Senioreveräin



**Vom 4.- 8.August 2019 verbrachte unser Senioreveräin herrliche Tage rund um den Bodensee.**

**4. AUGUST:**
Fahrt durch den Schwarzwald Richtung Gutach.Nach dem Mittagessen, geführte Besichtigung über den Vogtbauernhof, das älteste Freilichtmuseum Baden-Württembergs. Weiterfahrt zum Romatik Hotel in Überlingen.

**5. AUGUST:**
Heute steht der Höhepunkt eines jeden Besuches auf dem Programm: Insel Mainau. Mit dem Schiff von Meersburg geht es zu dieser 44,7 ha großen Insel mit herrlichen Parkanlagen mit südländischer Vegetation, riesigen Gewächshäusern, dem Palmengarten, dem Schmetterlingshaus sowie dem in den Jahren 1739-1746 erbauten, ehemaligen Großherzoglich-badischen Schlosses der Familie Bernadotte. Nachmittags in Meersburg kleiner Bummel und Kaffeepause.

**6. AUGUST:**
Besichtigung der wunderschön gelegenen Halbinsel Lindau mit ihrem Leuchtturm, dem schönen Hafen und der Seepromenade. Lindau gilt als „schwäbischesVenedig". Das Wetter war nicht so rosig (Regen), darum beschlossen wir in Undingen uns das „Auto und Traktor Museum" anzusehen. Das Museum beinhaltet 350 Automobile, Motoräder und Traktoren aus allen Jahrzehnten von Anfang bis zur heutigen, modernen Zeit. Die Begeisterung war riesengroß unter den Auto und Traktorliebhabern.

**7. AUGUST:**
Nach Ravensburg, Stadt der Bücher und Spiele. Der zentral gelegene Marienplatz ist der ideale Ausgangspunkt, um die „Stadt der Türme und Tore" zu erkunden. Wir erlebten die Stadt in Begleitung der „Türmerin" bei einem Stadt-Schau-Spiel. Nachmittags Freizeit. Möglichkeit zum Besuch des Museums, ein interaktives Museum zur Geschichte und Gegenwart des Ravensburger Bücher- und Spieleverlags.

**8. AUGUST:**.
Nach dem Frühstück Rückreise Richtung Schwarzwald. Am Titisee freier Aufenthalt, Gelegenheit zu einer Bootsfahrt, Spaziergang rund um den See und Erwerb des typischen Schwarzwald-Schinkens oder sonstige „Titisee"- Andenken. Anschließend Fahrt über Straßburg nach Luxemburg. Nach dem Abendessen in Junglinster Transfer nach Hause.

*Text & Fotoen: Marie-Louise HAAS*












REPORTAGE

# 2020

▶ **Schéckt eis är Manifestatioun op:**
**gemengeblat@acfischbach.lu**

## JANUAR

**05** **STÄRESÄNGER SIN ENNERWEE**
Kathoulesch Kierch

**KAFFISKRÄNZCHEN**
*Schous* / Senioreveräin

**11** **GENERALVERSAMMLUNG**
*Schous* / Pompjeeën Gemeng Fëschbech

**18/19/24/25**
**THEATEROWEND / MËTTEN**
*Schous* / Theaterveräin

## FEBRUAR

**02** **LIICHTMESDAG**
Schoulkanner

**GENERALVERSAMMLUNG**
*Schous* / Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

**09** **CHOUCROUTE GARNIE**
*Schous* / Spuerveräin

**14** **HIERKENIESSEN**
*Schous* / Senioreveräin

**16** **KANNERFUESBAL**
*Schous* / Pompjeeën

**20** **FETTEN DONNESCHDEN**
Schoulkanner

**21** **HEXEBAL**
*Schous* / Club des Jeunes

**29** **BUERGBRENNEN**
*Fëschbech* / Amicale Maarkollef

## MÄERZ

**01** **BUERGBRENNEN**
*Angelsbierg* / Club des Jeunes

**BUERGBRENNEN**
*Schous* / Wiichtelcher

**08** **LIESMOIEN AN DER MAISON RELAIS**
*Angelsbierg* / Elterevereenegung

**15** **ALBINUSFEIER**
Kathoulesch Kierch

**15** **GENERALVERSAMMLUNG**
*Schous* / Senioreveräin

**28** **GROUSSBOTZ AN DER GEMENG**
Ëmweltkommissioun

**29** **FRÉIJORSBASAR**
*Schous* / ACFL

## ABRËLL

**09 - 11**
**KLIBBERKANNER SIN ËNNERWEE**

**13** **THE DANSANT**
*Schous* / SCCK

**25** **GEOLOGESCH WANDERUNG**
*Fëschbech* / Natur- a Geopark Mëllerdall

## MEE

**01** **EISCHT MEEFEIER**
*Schous* / Wiichtelcher

**09** **SPARGELIESSEN**
*Schous* / Senioreveräin

**EISCHT KOMMIOUN**
*Fëschbech* / Kathoulesch Kierch

**10** **FRÉIJOERSRALLYE**
*Fëschbech* / Elterevereenegung

**17** **RANDONNÉE MTB**
*Steeën* / VC Filano

## JUNI

**02** **BUS OP D'SPRANGPROZESSIOUN**
Kultur-a Veräinskommissioun

**06** **MAMMENDAGSFEIER**
*Schous* / Senioreveräin





**13** **NUITS DES SPORTS**
*Hall Filano*

**21** **FAIRE PICKNICK**
*am Pavillon „an der Seitert"* / Fairetradegrupp

**22** **VIROWEND NATIONALFEIERDAG**
*Schous* / Gemeng

**27** **CONCERT**
*Schous* / Senioreveräin

**NOPESCHFEST**
*Fëschbech* / Fëschber Nopeschfest

## JULI

**02** **GRILLPARTY**
*Schous* / Senioreveräin

**10** **SCHOULFEST**
*Schous* / Elterevereenegung an d'Angsber Schoul

**19** **PARFEST**
*Schous* / Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

## AUGUST

**15** **WËSCH AN DER KAPELL**
*Schous* / A. C. F. L. - Kathoulesch Kierch

**THE DANSANT**
*Schous* / SCCK

## SEPTEMBER

**13** **FLOUMART**
*Schous* / Senioreveräin

**RANDONNÉE ROGER WIRTZ**
*Fiels* / VC Filano

**26** **AKTIOUN AALT GEZEI**

## OKTOBER

**01** **PAPPENDAGSFEIER**
*Schous* / Senioreveräin

**04** **FRANZISKUSFEST**
Par Miersch

**04** **ANGSBER KIERMES**

**11** **JOURNÉE DU GRAND AGE**
*Schous* / Senioreveräin

**29** **GENERALVERSAMMLUNG**
*Schous* / Elterevereenegung

## NOVEMBER

**15** **FËSCHBER KIERMES**

**KIERMESHAM MAT THÉ DANSANT**
*Schous* / Pompjeeën

**22** **FAIRETRADEKAFFI**
*Schous* / Fairtradegrupp


**28** **SCHLUECHTFEST**
*Schous* / Senioreveräin

## DEZEMBER

**04** **KLEESCHEN AN DER SCHOUL**
Gemeng Fëschbech

**05** **DE KLEESCHEN FIRT DUERCH D'GEMENG**
Club des Jeunes

*Bistro*



***All leschte Freideg am Mount as de Bistro an der Keilchen zu Fëschbech op.***

***Organisator:***
***Maarkollefen vu Fëschbech***
***an Wiichtelcher vu Schous***






**ADMINISTRATION COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Du lundi au vendredi de 08h30 à 11h30**
**Jeudi de 14h00 à 18h00**
**Tél: 32 70 84-1 / Fax: 32 70 84-50**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**
Secrétariat 32 70 84 - 42
Bourgmestre: DAEMS Fränk
frank.daems@acfischbach.lu
1. Échevin: GROTZ Patrick
patrick.grotz@acfischbach.lu
2. Échevin: BROSIUS Lucien
luss.brosius@acfischbach.lu

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**
secretariat@acfischbach.lu
THILL Viviane 32 70 84 - 42
viviane.thill@acfischbach.lu
HOTTUA Daniel 32 70 84 - 20
daniel.hottua@acfischbach.lu

**BUREAU DE LA POPULATION**
population@acfischbach.lu
SCHOLTES Michèle 32 70 84 - 25
michele.scholtes@acfischbach.lu
HOFFMANN Serge 32 70 84 - 21
serge.hoffmann@acfischbach.lu

**RECETTE COMMUNALE**
recette@acfischbach.lu
SCHOLTES Michèle 32 70 84 - 25
michele.scholtes@acfischbach.lu

**SERVICE TECHNIQUE**
technique@acfischbach.lu
BECKERS Romain 32 70 84 - 22
romain.beckers@acfischbach.lu

**SERVICE FORESTIER**
MOLITOR Olivier 87 96 49
olivier.molitor@anf.etat.lu

**COMMUNE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu